



# Amicale des Anciens Prisonniers et des Familles de Disparus de Natzweiler – Struthof

(Association sans but lucratif)

AMICALE NATZWEILER - STRUTHOF

Fondation : le 30 janvier 1966 à Osweiler, premier président : Robert KRIEPS.  
Secrétariat : 20, bd. J.F.Kennedy, L - 4930 Bascharage Tél. 50 16 75 / Fax : 23 65 21 76 (+352).  
Compte bancaire: LU98 0090 0000 1236 6514 CCRA (Banque Raiffeisen)

Käerjeng, den 23. Abrëll 2009.

Léif Komeroden,  
Léif Frëndinnen à Frënn,

Den 19. Mee 1944, viru 65 Joer, sinn an der Kiesgrouf am KZ Natzweiler 11 KZ-Kollegen erschoss ginn. Hir Nimm sinn eis haut nach ëmmer an Erënnerung:

Déi 7 Lëtzeburger:

François GOLDSCHMIT	Déifferdeng	10.07.1911. zu Biereng
Marcel JUNG	Déifferdeng	16.01.1911. zu Déifferdeng
Ernot LORANG	Bieles	14.01.1922. zu Bieles
Edouard MORBÉ	Rëmeleng	06.04.1910. zu Ètteng
Georges THOLL	Esch-Uelzecht	22.05.1913. zu Diddeleng
Albert UNGEHEUER	Déifferdeng	30.05.1915. zu Mertert
Charles WIESEN	Rëmeleng	05.10.1916. zu Rëmeleng

Déi 3 Fransousen:

Jean CROS	Les Ancizes-Comps (F)	21.09.1899. zu St.Amant-Roche-Savine
Joseph (Mich) GASPARD	Russange (F)	30.06.1914. zu Russange
Marcel MEYER	Clermont-Ferrand (F)	20.11.1905. zu Berg-Moselle

An een apatride Nazigéigner, deen zu Lëtzebuerg vun de Preisen agespaart gi wor, de  
Georg (Karl) STEINER Osterdorf (D) 21.11.1903. zu Osterdorf

**Déi zweschen dem 03,13, 16, a 29. Mäerz 1944 zu Les Ancizes, zu Clermont-Ferrand an zu Lonkéch an den 8 Abrël zu Lëtzebuerg vun der Gestapo verhaft gi sinn.**

**Fir un déi 11 Naziaffer ze erënneren organiséiert eis Amicale, zesumme mat dem COMITE DIRECTEUR POUR LE SOUVENIR DE LA RESISTANCE a mat der GEMENG DÉIFFERDENG, Dënschdeg den 19. Mee 2009, eng Erënnerongsfeier um Kierfecht zu Déifferdeng, wou d'Äsche vun de 7 Lëtzebuenger Resistenzler an d'Naziaffer hir lescht Rou fonnt hunn.**

Ëm:

- 10.15 Auer Rendez-vous mat eisen Autoen zu Bieles bei der Gemeng, duerno fuere mir alleguer zesummen mat dem Bus (SIEDLER-THILL vun Téiteng) op Déifferdeng bei de Kierfecht.**
- 11.00 Auer Offiziell Cérémonie mat Nidderleeë vu Blumen um Kierfecht virum Monument vun den Affer vum 19. Mee 1944.
- 11.45 Auer No der Cérémonie fuere mir mat dem Bus op Bieles bei d'Gemeng. Éirewäin an der Märei zu Bieles. Duerno duerno fuere mir mat dem Bus an de Restaurant.
- 13.00 Auer Mëttegiessen am Restaurant „La Petite Auberge“ zu Zolver.
- 16.00 Auer Mat dem Bus zrëck bei eis Autoen op Bieles.

Mir bieten Iech alleguer ganz häerzlech bei dëser Commemoratiounsfeier a méiglechst grousser Zuel derbäi ze sinn. Duerch dës Feier soll d'Undenken un déi déi den 19. Mee 1944 erschoss gouwen, waakreg gehale ginn, hiert Affer a si selwer solle mer ni vergiessen.

Mat ärer Präsenz setze mir een Zeeche vun zesummen haalen.

Mat eise beschte Gréiss,  
Eléonore JEITZ-LESS  
Presidentin

**Mëttegiessen am Restaurant « La Petite Auberge » 1 - 3, rue Aessen zu Zolver,  
Tel. 59 44 80.**

**De Menu kascht: 40,00 € ouni Gedréngs, et gëtt op der Plaz bezuelt.**

**Umelden w.g.l. : Virum 10 Mee um Telephon, Tel. 50 16 75**

D'Amicale sicht fir de Musée zu Natzweiler d'Saachen déi vun de Prisonnonéier am KZ gemaach ginn sinn, och Saachen déi mat Heem komm sinn, Copien oder Original Fotoen. Bréngt är Saachen den 19 Mee mat op Déifferdeng oder op Zolver oder setzt Iech direkt mat der Presidentin a Verbindung.